LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch, Madamm Elisabeth Margue, der Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit, Madame Yuriko Backes an dem Innenminister, Här Leon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°4683 vun den honoraablen Deputéierten, Madamm Taina Bofferding an Här Dan Biancalana, betreffend d'Hëllefsleeschtung fir Persounen a Gefor**

- **Wéi vill Enquêten, Poursuitten a Verurteelunge wéinst non-assistance à personne en danger op Basis vun den Artikele 410-1 a 410-2 vum Code pénal goufen an de leschten zéng Joren enregistréiert? Ass an dësem Beräich eng bestëmmten Entwécklung festzestellen?**

De Parquet huet an deene leschte fënnef Joer 198 Dossieren opgemaach. Dës Zuel ëmfaasst esouwuel d'Dossieren, déi fir Haaptaffäre bei de Parquete vu Lëtzebuerg an Dikrech opgemaach goufen, wéi och déi Affairen, déi mat enger Haaptaffäre ze dinn hunn. Ze bemierken ass, dass esoubal eng Affaire mat enger anerer ze dinn huet, se just an enger 1. Phase eenzel consideréiert gëtt.

**Le nombre d'affaires ouvertes selon l'année de prise en charge de l'affaire par les parquets**

| Affaires | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|
| Affaires nouvelles au parquets | 34 | 37 | 47 | 41 | 39 |
| *Affaires principales* | *33* | *37* | *43* | *38* | *36* |
| *Affaires ad not* | *1* | *0* | *4* | *3* | *3* |

**Source** : Affaires nationales, JUCHA, Extraction 01.09.2026

Tëschent 2021 an 2025 goufen 128 Affairë sans suites klasséiert.

Affairë gi klasséiert, wann et Zweifel gëtt par Rapport zum Täter oder d'Bestanddeeler vun der Dot feelen, wann den Täter an der Tëschenzäit verstuerwen ass, wann et net genuch Beweiser ginn oder wann d'Affaire verjäert ass. Ënnert den klasséierten Affäre fënnt een och Affären déi no engem Avertissement oder enger Denunziatioun an d'Ausland klasséiert goufen. Tëschent 2021 an 2025 gouf et 7 Avertissementer an 1 Denunziatioun an d'Ausland.

**Nombre d'affaires classées sans suite par année de classement**

| Affaires | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|
| Affaires principales classées | 26 | 21 | 26 | 32 | 23 |

**Source** : Affaires nationales, JUCHA, Extraction 01.09.2026

De Parquet huet tëschent 2021 an 2025 31 Mol den Untersuchungsriichter saiséiert.

**Saisines du cabinet d'instruction par le parquet**

| Affaires | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|
| Affaires avec ouverture d'instruction | 5 | 6 | 8 | 8 | 4 |

**Source** : Affaires nationales, JUCHA, Extraction 01.09.2026

An deene leschte fënnef Joer sinn 9 Ugeklote virun e Juge unique citéiert ginn an d'Chambre du Conseil huet 22 Renvoie virun e Geriicht decidéiert, dovunner 1 virun d'Chambre criminelle, 9 virun d'Chambre correctionnelle an 12 virun den Tribunal de police. Et goufen och 25 Non-Lieuen ausgeschwat dovunner 19 am Joer 2025. Dës Zuel steet am Zesummenhang mat 2 groussen Dossiere mat villen Ugekloten. Aleng am Kader vun dësen zwou Affairë goufe 14 Non-Lieuen ausgeschwat.

Et ass seelen, dass di feelend Hëllefsbereetschaft wann eng Persoun a Gefor ass, déi eenzeg Strofdot ass, déi a Fro kënnt. Oft sinn nach aner Strofdoten am Spill an d'Non-Assistance à personne en danger kënnt do dobäi.

Tëschent 2021 an 2025 sinn 19 Leit an éischter Instanz verurteelt ginn an 3 an zweeter Instanz. Et goufen zäitgläich 6 Acquittementer dovunner 1 an zweeter Instanz.

An dësen Zuele ass keng bestëmmt Entwécklung ofzeleeden.

- **Wéi gëtt d'Bevëlkerung aktuell iwwer hir Méiglechkeeten a Flichte sensibiliséiert, wann eng Persoun sech an enger akuter Gefor befënnt? Ginn et Erkenntnisser doriwwer, ob Onsécherheet oder mangelnd Kenntnisser dozou féieren, datt Zeien net direkt intervenéieren oder Hëllef ruffen?**

Als Deel vun enger Gesellschaft ass et d'Verantwortung vu Jidderengem sech fir d'Dignitéit vun all Mënsch a fir de Respekt vun de Mënscherechter anzesetzen. Et ass wichteg z'ënnersträichen dass Zivilcourage net bedeit, dass een eng aner Persoun, déi a Gefor ass, muss physesch verdeedegen a sech esou selwer a Gefor bréngt. Et gi vill Méiglechkeete fir sech couragéiert ze weisen an aner Mënschen ze hëllefen.

Verschidde Leit fält et méi einfach fir enger Persoun ze hëllefen. Anerer dinn sech domat schwéier wëll si sech net wëllen améschen oder fäerte selwer Affer vu Gewalt  ze ginn. Dobäi kënnt, dass enger Persoun a Nout manner oft geholl gëtt wa vill aner Leit präsent sinn. Et handelt sech ëm ee Phänomen dee wëssenschaftlech erfuerscht ass. Wa méi Mënsche präsent si, gëtt d'Verwantwortungsgefill dilluéiert, wëll Jiddereen d'Verantwortung op déi aner Leit déi präsent sinn, ofgëtt. Dëst gëllt allerdéngs manner a Situatioune wou eng Persoun Gewalt ausgesat ass. Et gi keng spezifesch Statistiken doriwwer, a wéi engem Mooss Onsécherheet oder mangelnd Kenntnisser dozou féieren, datt Zeien net direkt intervenéieren oder keng Hëllef ruffen, a wéi schonn ënnert der 1. Fro ervirgehuewen, et kann ee keng Konklusiounen op Basis vun de Zuele vun de Poursuitten a Verurteelungen zeien.

D'Regierung ënnerstëtzt Projeten déi zum Zil hunn Zivilcourage ze fërderen. An dem Kontext kann een de Projet "Zivilcourage im Netz" ervirhiewen. Dat ass ee Projet, deen de Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit a Kooperatioun mat der "Cellule contre la radicalisation" vu "respect.lu op", op d'Bee gestalt

huet. Dëse Projet ass net spezifesch op déi geschlechtsspezifesch Gewalt ausgeriicht, mee dorobber fir generell den zivilgesellschaftlechen Engagement op den digitale Plattformen ze stäerken.

D'Police sensibiliséiert d'Bevëlkerung am Kader vun hire Preventiounsmoossnamen iwwer dat richtegt Verhale bei Gewalt- an Noutsituatiounen. Am Beräich „Diebstahl & Gewalttaten" ginn ënner anerem d'Themen „Gewalttätege Überfälle" a „Gewalttaten" behandelt. Dobäi gëtt och thematiséiert, wéi een sech als Zeien an enger Gewaltsituatioun verhale soll.

Wichteg ass, datt de Message ëmmer nees vermëttelt gëtt, datt wann eng Persoun sech an enger Noutsituatioun befënnt, direkt den 113 soll kontaktéiert ginn. Den Zeie soll der Police sou genee wéi méiglech matdeelen, wat geschitt ass a wou sech d'Situatioun ofspillt, an, wa méiglech, weider relevant Informatioune ginn. Dobäi soll de Zeien sech net selwer a Gefor bréngen. Wa méiglech, kënnen och aner Persounen op d'Situatioun opmierksam gemaach oder direkt ëm Hëllef gebiede ginn.

Zousätzlech bitt d'Police d'Formatioun „Aktiv géint Gewalt" (Cours d'affirmation de soi) un. Dës Formatioun bereet d'Participanten ënner anerem dorop vir, Geforen ze erkennen an entspriechend ze reagéieren.

Informatiounsmaterial a Kontaktstellen am Beräich Preventioun fënnt een um Internetsite vun der Police https://police.public.lu/fr/prevention/programmes-de-prevention/violence.html. D'Police féiert keng spezifesch Statistiken doriwwer, a wéi engem Mooss Onsécherheet oder mangelnd Kenntnisser dozou féieren, datt Zeien net direkt intervenéieren oder keng Hëllef ruffen.

- **Wéi eng Recommandatiounen an Informatiounsmaterialie stellen d'Police, de CGDIS oder aner zoustänneg Servicer zur Verfügung? Gesäit d'Regierung vir, dës Sensibiliséierung ze verstäerken an dobäi konkret ze vermëttelen, wéi een Hëllef leeschte kann, ouni sech selwer oder anerer a Gefor ze bréngen?**

Wéi schonn ënnert der Fro n°2 erkläert, informéiert d'Police d'Bevëlkerung am Kader vun hire Preventiouns- a Sensibiliséierungsmoossnamen iwwer dat richtegt Verhale bei Gewalt- an Noutsituatiounen. Dës Preventiouns- a Sensibiliséierungsaarbecht gëtt weidergefouert fir d'Bevëlkerung iwwert dat richtegt a séchert Verhale bei esou Situatiounen ze informéieren.

Wéi een am Noutfall schnell an efficace kann hëllefen, ouni sech selwer a Gefor ze bréngen, léiert een an den 1. Hëllefs-Coursen déi vum CGDIS a vun aneren "Organismes de formation agrées" ugebuede ginn.

- **Gesäit d'Regierung Handlungsbedarf, fir Zivilcourage an der Gesellschaft méi staark ze fërderen, besonnesch och am Kontext vu geschlechtsspezifescher Gewalt? Wéi kënne Sensibiliséierungsmesuren dozou bäidroen, datt Betraffener, dorënner besonnesch vulnerabel Fraen, méi séier Ënnerstëtzung kréien?**

De Kampf géint all Form vu geschlechtsspezifesch Gewalt an de Schutz vun den Affer ass a bleift eng vun de Prioritéite vun dëser Regierung. Am Nationalen Aktiounsplang géint geschlechtsspezifesch Gewalt (PAN-GBV), si konkret Mesurë festgehale fir d'Bevëlkerung iwwert Gewalt am ëffentleche Raum a

geschlechtsspezifesch Gewalt ze sensibiliséieren an den Affer Méiglechkeete ze ginn, wéi si an enger Noutsituatioun konkret a sécher reagéiere kënnen. Nieft dem Projet “Zivilcourage im Netz” kann een nach verschidden aner Mesuren an deem Kontext ervirzehiewen:

- De Centre National pour Victimes de Violences (kuerz “CNVV”) bitt all Affer vu Gewalt eng Ulafstell an eng ambulant Prise en Charge 24 Stonnen ob 7 Deeg.
- Den CNVV geréiert och eng 24 Stonnen Helpline fir Leit déi sech net deplacéiere kënnen oder just eng Informatioun zu hirer Situatioun brauchen.
- D’Campagne Gender based violence (“GBV”), déi 2026 lancéiert gouf, sensibiliséiert Bevëlkerung zum Sujet a promouvéiert den CNVV als National Ulafstell.
- Des Campagne schafft matt konkreten Temoignagen an engem Call to Action “*Maach e Schrëtt”. Deen Nächste maache mir zesummen”* fir d’Leit z’encouragéieren sech Hëllef ze froen.
- De Site “violence.lu” gëtt iwwerschafft fir en zu enger nationaler an accessibeler Informatiounsplattform fir Affer, Täter an Zéie vu Gewalt auszebauen, fir dass och Léit déi eng éischte Kéier matt Gewalt a Kontakt komme richteg orientéiert gi kënnen.

Luxembourg, le 28 septembre 2026

La Ministre de la Justice

(s.) Elisabeth Margue